

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun vum Projet de loi ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet 4813 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4813.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 50 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mmes Marie-Josée Meyers-Frank, Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par Mme Maggy Nagel) et Théo Stendebach;

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer lo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 4845 iwwert d'Unerkennung vum internationale Baccalauréat. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Häre Wiseler, Scheuer, d'Mme Durdu, déi Häre Colombero, Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Xavier Bettel.

4. Projet de loi 4845 portant reconnaissance d'équivalence du baccalauréat international avec le diplôme de fin d'études secondaires luxembourgeois

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Xavier Bettel (DP), rapporteur.- Här President, wéi Der et elo gesot hutt, de Projet vun haut ass d'Reconnaissance vum Bac international. Deen éischte Projet, dee vun der Regierung déposéiert gi wor, hat just d'Equivalenz virgesinn an e Règlement iwwert d'Modalitéiten.

De Conseil d'Etat huet a sengem Avis vum 29. Januar 2002 gesot, dass d'Gesetz misst méi prezis sinn an huet Modifikatiounen virgeschloen. D'Regierung huet dunn en Amendement eraginn an d'Kommissioun huet deen Amendement an den Text esou ugeholl.

De Règlement grand-ducal gesäit vir de Programm, d'Zuel an den Niveau vun de Sproochen an d'Branché vun deene verschiddenen Disziplinsgruppen, d'Minimumpunkten an d'Punkte vun der Kompensatioun an d'Dauer vun der Sclolaritéit.

Et gëtt Leit, déi mengen, dass een eng aner Méiglechkeet hätt, wéi den normalen Diplom hei zu Lëtzebuerg ze maachen, wier eppes ganz Neies. Et muss ee wëssen, dass den Här Nicklaus schonn an der Dupongs-Schoul hei zu Lëtzebuerg, wou hien Direkter wor, d'Méiglechkeet geschafen hat, fir dass d'Kanner vun deenen Elteren, déi aus dem Ausland heihinner genannt goufen, konnten en Diplom maachen.

Dunn ass d'American School hei zu Lëtzebuerg opgemaach ginn, wat d'Transformatioun vun der Dupongs-Schoul war. Haut gesäit een, dass bal 400 bis 500 Schüler an där International School sinn.

Lëtzebuerg huet och d'Konventioun vu Lissabon ënnerschriwwen an d'Recommandatioun vu Vilnius, de 16. Juni 1999, déi justement dee Bac international virgesinn an och d'Modalitéiten.

Da wëll ech soen, dass et net déi eenzeg Méiglechkeet ass, fir hei en Diplom ze kréien, wat jo de Collège Vau-ban beweist. Et si vill Leit, déi dat net wëssen. Och hei kënnen d'Leit en Diplom maachen, deen u Frankräich rattachéiert ass.

Firwat ass d'Unerkennung vum Bac international wichteg? An zwou Hinsichten. Selbstverständlech fir dass déi Leit, déi de Bac hei zu Lëtzebuerg maachen, och d'Méiglechkeet hunn, wann zu Lëtzebuerg eng Uni kënnt, sech kënnen op där Uni anzeschreiwen. Wann eng Plaz op ass, wou e Premièresdiplom gefrot ass, da gëtt dee Bac inter-

national och unerkannt, net nëmme fir déi Leit, déi hire Bac international hei gemaach hunn, mä och fir déi Leit, déi en am Ausland gemaach hunn.

Et si Kanner vun Elteren, déi oft net à longue durée zu Lëtzebuerg sinn, oder Diplomatekanner.

Wat sinn d'Konditiounen vum Bac international hei am Land? D'Konditiounen si méi streng wéi an deenen anere Länner. Mir hunn nämlech supplementar Konditiounen. Zum Beispill d'Sprooch. Hei ass jo eng Spezifitéit vum lëtzebuergesche System. Dat heescht, am Bac international geet et net duer fir eng Sprooch, mä mir insistéieren, dass nach eng zweet Sprooch geléiert gëtt.

Ech zitieren lech nach eng Kéier ganz kuerz, wat fir eng Matière dee Bac international mat sech dréit.

De Kompensatiounssystem vum Bac ass normalerweis vill méi large geplangt a fir hei zu Lëtzebuerg net ze vill e groussen Ennerscheed ze hunn tëschent dem Premières-examen an dem Bac international, sinn d'Systemer vun der Kompensatioun hei och méi streng, wéi an deene meeschten anere Länner.

Et ass eng Sclolaritéit vun 12 Joer virgesinn.

Fir kuerz an den Detail ze goen, wëll ech lech just d'Épreuves d'examen zitieren, fir dass jidderee gesäit, dass et awer net e Bac ass dee Matièren huet, vun deenen een nach näischt gehéiert huet. Ech liesen lech elo de Règlement grand-ducal vir, wou ech der Ministesch wëll merci soen, dass mer direkt e Règlement grand-ducal bei engem Gesetz kréien, wat net ëmmer de Fall ass.

1) "Les épreuves d'examen du diplôme du Baccalauréat International doivent porter sur:

a) deux langues

b) une branche de chacun des groupes de disciplines suivants:

- Groupe 3 "individus et sociétés": notamment histoire, géographie, économie, philosophie, psychologie, commerce et organisation;
- Groupe 4 "sciences expérimentales": notamment biologie, chimie, physique

c) Groupe 5 "mathématiques": notamment mathématiques (niveau supérieur), méthodes mathématiques (niveau supérieur), études mathématiques (niveau normal), mathématiques complémentaires (niveau normal)

d) au choix:

- Groupe 6 "arts et options": notamment Art / design, musique, théâtre;
- une deuxième matière choisie dans les Groupes 1 à 4;
- mathématiques avancées en complément de mathématiques (niveau supérieur) du Groupe 5:..."

(Interruptions diverses)

Dir hutt jo all de Règlement grand-ducal, da kënnt Der et do noliesen.

An der Kommissioun hate mer och eng Diskussioun, well verschidde Leit geduecht hunn d'Sclolaritéit wier deier. Et stëmmt, et sinn 12.500 Euro, mä et muss ee wëssen, dass déi Schoul sech selwer deckt. Dat heescht, dass duerch déi Participatioun vun den Elteren och d'Personal bezuelt gëtt. De Stat kënnt just op fir d'Gebaielcheeten. Et ginn och Bourssé fir d'Schüler, déi net déi finanziell Méiglecheeten hunn, fir an déi International School ze goen, mä déi Bourssé sinn nach ni gefrot ginn.

Et ass e Cadre juridique, dee mer haut schafe fir Leit, déi an der Situatioun sinn e Bac international gemaach ze hunn, wou kee Gesetz virgesi war fir d'Equivalenz. Et ass, wéi gesot, éischters wichteg, dass déi Leit, déi de Bac hei maachen, eng Equivalenz kréien an och déi Leit, déi en am Ausland gemaach hunn, hei zu Lëtzebuerg déi Equivalenz unerkannt kréien.

Et ass näischt Neies, mä et geet drëm e Cadre légal ze gi fir eppes, deen et hei zu Lëtzebuerg nach net ginn ass.

Ech soen lech merci fir d'Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur merci soe fir déi Aarbecht, déi en hei gemaach huet. Sāi mëndlechen a sāi schrëftleche Rapport ware succinct, kloer an dāitlech.

Ech wëll net alles dat widderhuele wat um technesche Plang gesot ginn ass, mä u sech profitéiere vun der Geleeënheet hei d'Wuert ze hunn, fir e puer Saachen ervirzepräichen an och e puer Froen ze formuléieren. Ech wëll véier grouss Remarque maachen.

Déi éischt Remarque ass iwwert de Bac international am grouss Ganzen. Mir hu festgestallt, wéi mer deen Text hei analyséiert hunn, dass mir als Lëtzebuerg eent vun deenen eenzege Länner an der Unioun sinn, dat de Bac international nach net unerkannt huet. Ech sinn der Meinung, dass mir hei zu Lëtzebuerg keng Insel sinn, och net a Saache Schoulpolitik, an dass eise Schoulsystem noutgedrונgenereis seng Plaz am europäesche Kader muss fannen, an dat desto méi, wou mer jo wëssen, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng Net-Lëtzeburger Populatioun hunn, déi grouss ass. Mä och nach eng auslännesch Populatioun, wou ganz vill Leit heihinner komme fir e puer Joer, an dofir et wichteg ass, dass se hei zu Lëtzebuerg e

Schoulsystem fannen, deen hinnen och d'Méiglechkeet gëtt fir hir Kanner Schoulkonditiounen ze fannen, déi appropriéiert sinn.

Et ass also kloer, dass mer d'Obligatioun hunn, an esou engem europäesche Verbund ze existéieren an och déi Diplomer, déi do ausgestallt ginn, ënner enger Rei Konditiounen mussen unerkennen. Dofir soen ech: Inhaltlech ass dës Unerkennung ganz einfach eng Noutwendegkeet an eng Evidenz.

Déi zweet Remarque, déi ech wëll maachen, ass iwwert den Inhalt vum Baccalauréat international. Ech fannen deen Inhalt, esou wéi mer d'Méiglechkeet kruten en an der Chamberkommissioun ze examinéieren, net oninteressant, fir sech eng Rei Gedanken driwwer ze maachen. Et ass e Kompromëss tëschent enger Rei méi spezialiséierten Enseignementssystemer a méi generelle Studiëgänger, esou wéi mer se iwwer ganz Europa fannen. Et ass och e System, dee sech a verschiddene Punkten un deen angelsächsesche System uleent an dofir net oninteressant ass. E charakteriséiert sech duerch eng gewësse Flexibilitéit, déi doranner ausgeluegt ass, dass se soll den Intérêt vum den Elève staark Rechnung droen an, andeem se den Intérêt vum den Elève Rechnung dréit, och hir Motivatioun an der Schoul fördern. Si probéiert och komplett ze sinn, andeem se d'Palette vum Ugebuert esou wäit gefächert mécht, dass se déi sechs grouss Richtungen, déi identifizéiert ginn als Obligatioun, dohinner setzt, dass jiddfer Schüler muss eng vun deene grouss Richtungen beleen, mä leet dann innerhalb vun deene grouss Richtungen e Choix vu Méiglechkeete fir jiddfer Schüler fest, deen also op där enger Säit der Komplettheet, mä op där anerer den Intérêt an der Motivatioun vum de Schüler Rechnung dréit.

E probéiert och de Stärkten an de Schwächte vu jiddfer eenzelne Schüler Rechnung ze droen, zum Beispill andeem en e System aféiert, wou d'Schüler d'Méiglechkeet hu Sproochen an enger staarker, sief dat an enger méi schwacher Form ze léieren, esou wéi eben hir kulturell, esou wéi eben hir sozial Originnen hinnen dat méiglech maachen.

Dat ass d'ailleurs eng Diskussioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg och scho säit enger Zäit haten, an déi mer net méi spéit wéi d'lescht Woch haten, wéi mer hei den Hearing iwwert d'PISA-Etüd haten, wou gefrot ginn ass, wéi ee ka kucken, dass ebe Stärkten a Schwächte Rechnung gedroe gëtt. Wéi kann een esou Systemer och an d'Lëtzebuerger Schoul aféieren?

An da gëtt en och de Schüler d'Méiglechkeet Fächer um Niveau supérieur, respektiv um Niveau normal ze beleen, also hiren Intérêt an hire Stärkten ze entsprechen.

Et ass och esou, dass dee Bac, esou wéi mer e virgestallt hunn, e Complément virgesäit. Niewent deenen normale Fächer gesäit de Bac International vir, dass d'Schüler d'Obligatioun hunn e Mémoire ze schreiwen, dat heescht,

sech op eng länger Aart a Weis mat engem präzise Sujet ofzeginn, dass se d'Obligatioun hu sech an enger Rei péricolaires Aktivitéiten aner Kapassitéiten ze trainéieren, wéi just eleng déi schoulesch Kapassitéiten. Alles dat ass Partie intégrante vun deem System an ass als Iwwerleeung net oninteressant.

Den drëtte Punkt dovunner ass dee vun der Evaluatioun. Mir hunn hei och mat enger Evaluatioun ze dinn, déi zu engem Deel deene selwechte Kritären ënnerläit wéi eis, eng extern Evaluatioun, déi schrëftlech a mëndlech préift, mä dann awer och zousätzlech eng intern Evaluatioun, déi iwwer Projets individuels, iwwer Aarbechten um Terrain zousätzlech nach deem eenzelnen Individuum wëllt Rechnung droen. Och dat ass zu engem Deel en Element, dat een an der Diskussioun erëmfonnt huet, déi mer an deene leschte Wochen hei gefouert hunn.

Déi drëtt Remarque, déi ech wëll maachen: Mir féieren hei zu Lëtzebuerg fir d'Reconnaissance vum Bac international eng Rei supplementar Exigenzen an, mat der Begrënnung, dass eis Sproochesituatioun hei zu Lëtzebuerg eng aner Situatioun ass. Mir soen zum Beispill, dass am Bac international, am gepréiften Examen, muss Däitsch oder Franséisch sinn. Dat schéngt mer normal ze sinn. Mir soen, déi zwou Sproochen mussen allen zwou am Niveau A1 oder eng am Niveau A1 an eng am Niveau A2 gepréift ginn, an déi Sprooch, déi am Niveau A2 gepréift gëtt, misst dann do am Niveau supérieur gepréift ginn. A mir soen nach zousätzlech, fir och eisem Sproochesystem Rechnung ze droen, dass vun deene Sproochen, déi net am Bac international gepréift ginn, eng muss vum Schüler während véier Joer a sengem Studiëgang geléiert sinn.

Mir schwächen och de System vun de Kompensatiounen of a mir setzen d'Minimumdauer vun der Studienzäit als Obligatioun fir d'Unerkennung vun eis fest. Dat sinn Exigenzen, déi logesch schéngen am Kader vum Lëtzebuerger Kontext wou mer dra sinn. Aner Länner hu jo och eng Rei supplementar Exigenze fir d'Reconnaissance vum Bac international ageféiert. Mir fannen eis also hei an engem europäesche Kader, an enger europäescher Logik zréck.

Ech stelle just eng Fro un d'Mme Brasseur, wou ech frou sinn, wann ech eng Prezisioun kréien: Wéi geet dat, wann e Bac international am Ausland gemaach ginn ass an do och unerkannt ginn ass, wéi zum Beispill am Frankräich, deen dann awer net deene Lëtzebuerger Kritären, déi mir hei zousätzlech fixéieren, entsprécht? Wéi geet et do mat der Reconnaissance? Wie sprécht déi aus? Wat fir eng Reconnaissance zielt dann? Dat huet net direkt eppes mat deem Gesetzestext ze dinn, mä ass an der Praxis awer keng oninteressant Fro.

Déi véiert Remarque, déi ech wollt maachen, dat ass e Wuert iwwert d'Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten, déi mer haaptsächlech do mam Här Scheuer gefouert hunn. Den Här Scheuer huet d'Meenung

ausgedréckt, dass déi auslännesch Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, zu engem Deel sollte vun der Europaschoul opgefaange ginn als supplementare Schoulsystem. Do ass erkläert ginn, dass dat einfach net méiglech wier, well d'Europaschoul aner Conditions d'admission hätt. An do ass eng Diskussioun lassgaangen, wou ech awer och wëll e puer Wuert driwwer soen. Dat ass déi iwwert de Präis vun der Schoul. Et ass eng Schoul, déi eben e gewëssene Präis freet fir d'Entrée, déi deier ass, déi wahrscheinlech net jidderee sech ka leeschten an dat ass a Fro gestallt ginn.

Ech hu just dozou ze soen, dass dat schonn eng Fro ka sinn, mä dass dat awer sécher net den Objet vun deem Gesetzestext ass, well dëst Gesetz ass jo kee Gesetz iwwer eng Schoul, déi en Ugebuert mécht, mä dëst Gesetz ass eenzeg an eleng eng Unerkennung vun engem Baccalauréat international, deen an all Land besteet, deen elo duerch Zoufall an där heiter Schoul gemaach gëtt, deen awer och hätt kënnen an anere Schoule gemaach ginn. Et huet also spezifesch näischt mat där doter Schoul ze dinn, mä ass just d'Unerkennung vun engem Diplom, deen et a ganz Europa gëtt.

Ech ka mer virstellen, well d'Schoullandschaft hei zu Lëtzebuerg, wéi jo a ganz Europa, amgaang ass ze bougéieren, dass dat Schoulugebuert, dat elo besteet, net onbedéngt datselwecht Schoulugebuert ass wéi virun zéng Joer a sécher och net datselwecht wäert si wéi an zéng Joer, dass déi Welt amgaang ass ze evoluéieren. Hei maache mer eng Reconnaissance vun engem Diplom, a wéi dat Ugebuert an deenen nächste Jore gemaach gëtt, ass eng ganz aner Fro, déi u sech näischt mat deem Text en tant que tel ze dinn huet. Lëtzebuerg ass keng Insel, Lëtzebuerg wäert net stoe bleiwen a wäert och sécher an där doter Fro evoluéieren.

Als Konklusioun wëllt ech soen, dass haut an an Zukunft nach ëmmer méi Leit a Kanner hei am Land wäerte sinn, déi an engem anere Schoulsystem ausgebild gi sinn.

Déi Systemer, déi sinn oft anescht, déi hunn hir eege Stärken, hir eege Schwächen, esou wéi jiddfer Schoulsystem.

Fir mech sinn a sech zwou Saachen an deem Kontext hei zu Lëtzebuerg wichteg:

- Dass mer déi Differenzen an de Systemer acceptéieren, acceptéiere mussen, acceptéiere wëllen a se och sollen als eng Normalitéit dohinner stellen an deem villfältegen Europa, an där villfälteger Welt, wou mer haut liewen.
- Dass mer eis och mussen, eis wëlle regelméisseg vergläichen, eis regelméisseg Evaluatiounen ënnerzéien, well mer just an enger Gesellschaft liewen, wou verschidde Systemer niewentenee sinn a wou et wichteg ass, dass een a regelméisseg Ofstänn dee System, wat ee selwer a sengem Land huet, évaluéiert; deem System seng Stärkte besser kenne léiert, seng

Schwächen, fir déi noutwendeg Rektifikatiounen a regelméisseg Ofstänn kënnen ze maachen.

D'Existéiere vun esou Equivalenze wéi déi heiten, d'Existéiere vun nach villen aneren Equivalenze mat villen aneren Diplomer ass fir de Lëtzebuerger Schoulsystem ganz einfach eng Erausforderung, där mer eis stelle mussen, där mer eis och stelle wäerten.

Dat sinn déi puer Wieder, déi ech dozou wollt soen. Nach eng Kéier merci un de Rapporteur. Ech gi selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Gesetzesprojet. Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Jos Scheuer.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësse Projet de loi huet eng Geschicht an déi Geschicht geet zrëck bis op 1999. Et ass ee Projet, deen ass vun 1999 u bis haut ëmgeännert ginn, en ass gekierzt an zougesechnidde ginn. Déi Geschicht vun deem Projet ass ganz interessant.

Den Avant-projet war en Amalgam vun Elementer. Dat steet am Avis vun enger Gewerkschaft. Eent Element aus deem Amalgam schéngt mer scho ganz wichteg ze sinn, och fir d'Ausrichtung vun deem Projet de loi. An deem Projet war d'Kreatioun vun engem neie Lycée um Geesseknäppche virgesinn. Vun deem Projet ass elo d'Division supérieure, déi zum Bac international féiert, rescht bliwwen. Or, sollt déi Division supérieure vun deem Bac international integréiert ginn an deen neie Lycée um Geesseknäppchen. Déi Division supérieure war d'Suite logique vun deem neie Régime linguistique, dee sollt an dee Lycée agebaut ginn.

Meng Fro ass elo: War dat deemools schonn d'International School of Luxembourg oder war et den heitege Lycée Aline Mayrisch? Et ass eng Fro, déi mir ni an der Kommissioun diskutéiert hunn. Dee Projet ass och ni an d'Kommissioun komm, mä d'Äntwert do drop schéngt mer awer wichteg ze sinn, fir ze kucken, wouzou dee Bac international spéider nach féiere kann.

D'Schoulen, déi sinn organiséiert an internationale Gremien. Déi internationale Gremien, déi hunn en Numm. Ee vun deene Gremien heescht: "Organisation du bac international", an deen zweete Gremium, dat ass d'"International School Association". An dee Kader vun deenen internationale Gremië mussen mer och dee jetzege Projet de loi erasetzen.

Dat si keng kleng Organisatiounen. 1.182 Etablissements, esou steet et am Exposé des motifs, sinn autoriséiert vun der IBO, der Organisation du Bac international, fir Programmer ze dispenséieren, déi zum Bac international féieren. Déi Programmer, déi do dispenséiert sinn, déi hunn eng Philosophie an et schéngt mer wichteg ze sinn, fir dat emol kuerz ze erwähnen, nämlech fir d'Iddi aus der Welt ze schafen, dass hei e Bac géif an d'Welt gesat ginn, deen näischt wäert wär, e Bac, deen net

bestoe kënt vis-à-vis vum Lëtzebuerger Schoulsystem, wou jo awer de Premièresexamen nach den nec plus ultra vum Secondaire duerstellt.

An zwar ass déi Philosophie eng Philosophie, déi een direkt kënt iwwerhuelen an d'Ecole publique. Si gesäit nämlech vir de Respekt vun ethnische religiéise Gruppen, vun anere Kulturen a vun anere Sproochen. Si gesäit vir, dass déi Schoulen op sinn, fir Kompromësser ze schléissen a si schwätzt sech aus géint Chauvinismus, géint Rassismus, géint Isolationismus. Dat si Schoulen, déi multikulturell ausgeriicht sinn. Wat fir eng philosophesch Beschreibung vun engem Schoulsystem géif besser op de Lëtzebuerger Schoulsystem passe wéi déi do?

Déi Schoule fänken u mat dräi Joer a gi bis zum Alter vun 19 Joer. De Premièresexamen, dee kann een ofleeën, wann een 12 Joer an der Schoul war. Zu Lëtzebuerg sinn et 13 Joer, déi een ofsëtze muss, bis zu dem Premièresexamen, respektiv bis zu enger 13e, wéi den Numm et seet.

D'Memberschaft an där Organisatioun, an där ISA, déi ass net gratis. Déi muss a Schwäizer Frange bezuelt ginn, well de Sëtz ass zu Genf. Déi Memberschaft variéiert vun 1.000 bis 2.500 Schwäizer Frang. An där internationaler Organisatioun sinn am ganze méi wéi 1.300 Schoulen, dat heescht, et gëtt nach eng Marge vu Schoulen, déi relativ kleng ass, déi féieren eben net bis zum Bac international.

Zu Lëtzebuerg gëtt elo dee Cycle supérieur offréiert vun der International School of Luxembourg. Dee Cycle huet zwee Joer. Déi Schoule beschreiwen och dee Programm vun deenen zwee Joer a soen, dee Cycle supérieur, dee wär reservéiert fir d'Elite vun den Elëven. Ech wëll doraus iwwerhaapt keng Konklusioun zéien, well een, dee bei eis de Premièresexame mécht, och dee gehéiert zur Elite vun den Elëven.

Ech wiere mech dergéint, fir ze soen, et ass eng elitär Schoul vun der Zilsetzung hier. Ganz bestëmmt dierf een net déi falsch Konklusioun zéien: "Le programme du diplôme est un cursus préuniversitaire exigeant, couronné par des examens." Genau esou kënt et zu Lëtzebuerg an den Texter stoen. "Il est destiné à des élèves du secondaire motivés". E schéint Wuert! "C'est un programme global de deux ans, disponible en anglais, français et espagnol. Les détenteurs du diplôme sont admis dans des universités du monde entier, y compris les plus prestigieuses. Il permet de satisfaire aux exigences de nombreux systèmes éducatifs nationaux en y intégrant les meilleurs éléments, sans pour autant s'appuyer sur une formule en particulier." Dat zum Zitat, wat d'Programmer ëmräisst.

Firwat dann elo dat heite Gesetz? Wat soll erreecht gi mat dësem Gesetz? Ech faassen zesummen: D'Gesetz huet en dueble But. Éischters sollen d'Kanner vun Diplomaten a vu Wirtschaftskaderen d'Méiglechkeet kréien, fir hir Lycéesstudien zu Lëtzebuerg an där do Schoul zu engem Enn ze bréngen. Se sollen zweetens iwwert dat

heite Gesetz och d'Méiglechkeet kréien, fir d'Autorisation ze kréien, fir sech op de Cours universitaire zu Lëtzebuerg aschreiwen ze kënnen oder awer d'Méiglechkeet kréien, fir zougelooss ze ginn zum Statsexamen fir all Carrièren, déi de Stat opmécht.

Am Exposé des motifs steet: "Les enfants qui aimeraient trouver un emploi au Luxembourg." Dat ass fir mech falsch. Et muss drëm goen, fir dass déi, déi deen do Exame gemaach hunn, och eng Statsplaz kënnen kréien, admissibel si fir beim Stat ze schaffen.

E weidere gréisseren Objektif ass d'Homologation vun den Unisdiplomeren fir déi Kandidaten, déi Apdikter, Dokter, Professor oder Affekot wëlle ginn. Ech stellen nëmmen eng Fro: Ass dat Gesetz noutwendeg, fir déi do Ziler ze erreechen?

Da gëtt et nach eng drëtt Motivatioun an dat wär eng Diskussioun wäert: Iwwer wat fir eng aner Moyene kënt een zu deenen do Ziler?

Eng aner Justifikatioun ass eng reng formal Justifikatioun: Mir hunn d'Konventioun vu Lissabon ënnerschriwwen an an där Konventioun vu Lissabon steet eng Empfehlung, fir déi international Diplomer unzeerkennen an deenen eenzelne Länner. Déi Ziler, déi si bekannt. Déi Ziler si legitim. D'Fro ass ob dat Mëttel, wat mer hei wielen, dat richtegt ass, fir dohin ze kommen.

De Rapporteur huet säi Rapport gemaach, e reng formale Rapport. D'Kommissioun huet wéineg diskutéiert a mäi Virriedner huet och dat in extenso duergeluegt.

Ech probéieren, fir lech de Revers vun der Médail ze weisen.

(Interruption)

Natierlech hunn ech dem Här Xavier Bettel nogelauschert. Här Bettel, Dir sidd mat engem décke Kabel mat mir verbonne gewiescht.

Dee Revers vun der Médail, dee werft Froen op, an zwar praktesch Froen a prinzipiell Froen. Am Numm vun der sozialistescher Fraktioun soen ech, dass mir géint dat hei Gesetz stëmmen. Ech fille mech komplett integréiert an déi sozialistesche Fraktioun a wäert probéieren, fir elo ze motivéieren, firwat mer dergéint stëmmen.

De Bac international, dee leet een of no 12 Joer. Zu Lëtzebuerg leet een en of no 13 Joer. D'Schoul ass op fir Auslänner. D'Schoul ass op fir Lëtzebuerger. Wien also e Joer spuere wëllt, wien éischter op d'Uni wëllt goen oder wien éischter an de Statsdëngscht wëllt goen, wien éischter op den Aarbechtsmaart wëllt kommen, wien éischter op de Cours universitaire wëllt kommen, dee geet an d'International Schoul.

Déi Elteren, déi dat vun hire Kanner wëllen, déi schécke se vun Ufank un an déi International Schoul. Dee Programm ass gutt. Et ass kee Bidonsprogramm. Dat ass, ech hunn et virgelies, ee Programm, deen op eng Elite zougelschnidden ass: eent vun den Elementer vun deem

Programm ass d'Gnoséologie. Probéiert emol fir eng Kéier am Secondaire e Wuert iwwer Gnoséologie an enger Programmskommissioun, ausser vun der Philosophieskommissioun, falen ze loossen. Mä dat ass e wichtegt Element an där do Schoul.

Mir wannen ee Joer, ee Joer dat een an enger Carrière wënnt. A wann een emol d'Carrière vun engem Professor beim Stat héichrechent, da mécht dat: 12 x 200.000 Frang = 2.400.000 Frang, 60.000 Euro. Dat gëtt gewonnen. Rechne mer datselwecht op d'Carrière vum Redakter komme mer ronn op 40.000 Euro.

Mat dësem Gesetz setze mer eng Privatschoul dohin, e System, deem als equivalent zum öffentleche System do steet. Dee Privatsystem gëtt den Absolvente klor Avantager um materielle Plang, an déi Avantager huet e vis-à-vis vun engem Elève, dee gezwongen ass, duerch den öffentleche System ze goen. Dat ass e Fait, deem net ofzestreiden ass.

Dat féiert mech direkt zur zweeter Ursaach, firwat mer dat do Gesetz net stëmmen.

Wien an dës Schoul era wëllt komme bezuelt 600.000 Frang, dee bezilt 15.000 Euro Schoulgeld pro Joer.

Firwat bezuelt en déi? Ass dat fir den Accès ze reservéiere fir d'Kanner vu Leit, déi sech dat Schoulgeld leeschte kënnen? Et ass jo also kloer, déi 600.000 Frang, déi schléissen de Lëtzebuerger Duerchschnittsbierger aus. Wann dat esou ass, dann ass déi Schoul do e Reservat fir d'Kanner vu räiche Leit.

Ass dat awer net d'Ursaach a gëtt dat Geld gebraucht fir d'Qualitéit vum Enseignement héichzehalen, oder fir d'Qualitéit vun deem Enseignement héichzedrécken, dann ass den Duerchschnittsschüler an där internationaler Schoul ronn dräi mol sou deier a véier mol sou vill wäert wéi den Elève an der öffentlecher Schoul hei zu Lëtzebuerg. Deen Elève, dee kascht ronn 200.000 Frang, dee kascht am Joer 5.000 Euro.

Ass dat de Präis, deem ee bezuele muss, fir an eng Elite-schoul ze kommen? Ass dat de Präis, deem ee bezuele muss, fir an ee Milieu protégé eranzekommen, dee sech nëmme räich Leit leeschte kënnen? Oder Entreprises, déi hire Cadré Faveure maachen?

Ech ginn dervun aus, datt dat de Präis ass, fir den Encadrement vun deenen doe Kanner ze finanzéieren. Ech kommen nach eng Kéier op déi do Problematik zrëck.

Mme Minister, an deem doe Fall stellt sech kloer, am Kader vun dësem Gesetz an am Virfeld vun dësem Gesetz, d'Fro vun enger Klassegesellschaft an d'Fro vun enger Schoul, déi fir Klasse reservéiert ass. Et stellt sech d'Fro vun der Chancégerechtkeet an et stelle sech vill gesellschaftspolitesch Froen, iwwert déi een ewech goe kann, sprange kann, wéi mir dat gemaach hunn, an iwwert déi een awer och emol am Fong diskutéieren an nodenke kënnent.

Drëtt Ursaach: De Réseau vun deenen internationale Schoulen ass op. De Réseau ass op fir national Schoulen. Vill national Schoule kënnen dee Programm ënnerschreiwen, kënnen d'Philosophie ënnerschreiwen a kënnen vill léieren aus deem Enseignement, deem do ugebuede gëtt.

Wat geschitt, Mme Minister, wann eng Lëtzebuerger Schoul dësem Réseau bäitritt? Wat geschitt, wann eng Lëtzebuerger Schoul - an ech verweisen do op den Ufank vu menger Interventioun, wou ech op de Geesseknäppchen higewisen hunn - seet: "Ech wëll niewent deem normale Lëtzebuerger Bac, wou och 80% duerchkommen, de Bac international ubidden?" Wat geschitt, wann eng Lëtzebuerger Schoul deem Réseau bäitritt an de Bac international offrëiert?

Mme Minister, dir sidd fir d'Autonomie scolaire. Wéi wäit loosst Der d'Autonomie scolaire an dësem Fall spillen? Dat do ass eng gutt Schoul, déi spuert ee Joer an déi féiert d'Leit dohinner, wou mir iwwert d'Gesetz nach e puer Méiglechkeete méi araumen, wéi dat souwisou de Fall war. Keng Illusiounen, datt mer vill nei Méiglechkeete fir d'Studien am Ausland géife schafen.

Et stellt sech schliesslech d'Fro: Wéi wäit kann een dee Liberalismus am Lëtzebuerger Schoulssystem dreiwien? Ech wëll net drop agoen, dat kann ee bei enger anerer Geleeënheet maachen iwwert d'Approche, déi mer vis-à-vis vun eenzelne Schoulen hunn an d'Approche déi Der huet vis-à-vis vun der Autonomie scolaire.

Wat maache mer, Mme Minister, wann eng Privatschoul op d'Iddi kënnt, fir de Bac international unzebidden? Do ass jo Äert Asprochrecht zimlech kleng, oder net? Wat maache mer, wann eng Privatschoul dësen interessanten, méi moderne Créneau profitéiert, a wann eng Privatschoul, déi da keng 15.000 Euro Schoulgeld freet, mä e puer Dausend Lëtzebuerger Frang praktesch symbolesch ophieft, fir d'Kanner dann opzehuelen?

Dann trëtt dat an, wat an deenen zwéin Avisa vun de Gewerkschafte steet. An den Avisa vun der APESS a vum SEW, da gëtt nämlech eng Filière bis zu Lëtzebuerg geschaf a Richtung Premièresexamen, a Richtung Bac, déi den öffentleche Schoulssystem regelrecht op d'Kopp dréit. Souwuel wat den Opbau ugeet, wéi och d'Qualitéit vum Schoulssystem.

Wëllt Der dat, Mme Minister? Dat ass eng Fro, op déi Dir als Regierungsvertrieder äntwere musst. Dat ass eng Fro, op déi d'Vertrieder vun de Parteien äntwere mussen, an zwar virun allem déi liberal Partei muss drop äntweren. Et ass d'Fro nom Liberalismus an der Schoulpolitik. Och d'CSV muss drop äntweren, well et ass ganz kloer, datt hei konventionnéiert Schoulen dëse Créneau kënnten huelen a sech an d'Filière, an de Réseau vun den internationale Schoulen integréieren.

Véiert Ursaach: Et ass éischter eng moralesch Ursaach an et ass éischter eng gesellschaftspolitesch Ursaach. Wéivill

Kanner gëtt et zu Lëtzebuerg, déi sech duerch eise Schoulsystem quäle mussen, well se au départ net d'Konditiounen hunn, fir mat vollem Succès duerch dee Schoulsystem kënnen ze goen, well se bestëmmt Defiziter mat sech bréngen, fir déi se net kënnen? Wéivill Kanner hu mer, déi mat deem selwechten Intelligenzquotient, mat deem selwechte gudde Wëllen net sech esou realiséiere kënnen, wéi dat fir anerer de Fall ass? Wéivill Kanner gëtt et, fir déi de Begrëff Chancëgläichheet, Chancëgerechtkeet - ech wëll deen Term net gebrauchen - net besteet, déi sech hir Chance net kafe kënnen, déi hir Chance och net um Plateau offréiert kréie vum Stat, wéi d'Kanner vun Diplomaten, wéi d'Kanner vun de Kaderen aus der Ekonomie?

Ech denken un d'Kanner vun den Demandeurs d'asile. Ech denken un d'Kanner vun de Réfugiéën. Wéivill där Leit hu mer zu Lëtzebuerg? Am ganzen 6.000, 8.000, do dertëscht. Déi Zuel, déi schwankt. Wéivill vun deene Kanner vegetéieren, am schoulesche Sënn vum Wuert, an engem Préparatoire, a ginn duerch eng Ghettoiséierung verdaamt, an deem Préparatoire ze bleiwen? Wéivill sinn dat der?

(Interruption)

Wéivill Matière grise geet do verluer?

Immens vill! Mir woen net, Intelligenztester do ze maachen. Mir sinn emol net équipéiert, fir se ze maachen.

Ech denken awer och un d'Kanner vun de groussen Immi-grantegruppen hei zu Lëtzebuerg an ech denken un d'Portugiesen. War et do net esou schwéier, fir se regelrecht ze integréieren?

Wéivill Propositionen hu mer gemaach fir si ze integréieren? Mir hunn der 40 gemaach. Mir hunn der elo 24 gemaach, déi nach bei déi 40 kommen.

Wéivill ass am Laf vun de leschte Jorzéngte verluer gaangen?

(Interruptions)

Fait ass, datt d'Kanner aus Ex-Jugoslawien keng Chance hunn, fir hei hir eege schoulesch Limiten unzepullen. Fait ass, datt och d'portugiesesch Kanner ënner hiren intellektuelle Capacitéiten hei zu Lëtzebuerg bleiwen a bleiwe mussen. Ech hunn dat nach ëmmer behaapt. Dat ass e Skandal. Dir wäert gesinn, dat ass en historesche Skandal hei zu Lëtzebuerg, fir Lëtzebuerg.

Wann een dëse Projet ganz oberflächlech kuckt, da kritt en d'Allurë vun enger Bagatelle, vun enger Noutwendegkeet. Mä dee Projet hei - an am Virfeld, ech hunn dat gesot, ganz zum Schluss vun enger Diskussioun an der Kommissioun - huet ee Background, iwwert deen een d'Méiglechkeet gehat hätt, fir iwwer vill méi ze diskutéieren. Vlächicht ass am Ausland esou ee Projet och eng Bagatelle. Vlächicht ginn déi international Schoulen am

Frankräich, an Däitschland, an England, an ech weess net wou ënner an deem groussen Amalgame vun anere Schoulen, déi et gëtt, an am groussen Amalgame vun den öffentleche Schoulen.

Dat ass net de Fall hei zu Lëtzebuerg. Hei setzt een iwwert dat do Gesetz e Signal, wat kënnt opgegraff gi vun anere Privatschoulen, an dann entsteet eng Filière bis, déi och kann opgegraff gi vun der öffentlecher Schoul. Da kënnt een dorausser eng Chance maachen, fir d'öffentlech Schoul.

Mä den Usaz vun dëser Diskussioun, deen ass an der Kommissioun net gemaach ginn an dat bedauern ech. Et ass lichter an engem klengen Land de Schoulsystem ze destabiliséieren. Ech schwätzen elo net vu PISA, loosse mer dat emol eng Kéier sinn.

Et kann an et soll een net verhënnern, datt mir léieren aus engem System, deen op anere Plaze schonn awer fir gutt Resultater gesuergt huet.

Mir si bereet zum Dialog.

(Interruptions)

Mir sinn och bereet ze iwwerhuelen.

(Interruptions)

Mir si bereet zum Dialog. Dat ass dat, wat d'DP seet, wat d'Mme Minister seet. Mir sinn och bereet ze iwwerhuelen, wat an anere Systemer gutt ass.

(Interruptions)

Si mer bereet, fir alle Kanner déi selwecht Chancen ze ginn?

(Interruptions)

Dat ass net de Fall, soss géife mer net iwwert dat Gesetz hei esou ewech sprangen.

Si mer bereet, fir alle Kanner am öffentleche Schoulsystem déi selwecht Chance ze ginn, doduerch datt mer et am Fong verbesseren?

Voilà, aus deenen Ursaachen, aus prinzipiellen Ursaache kënnen mir dat Gesetz hei net stëmmen.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Mme Agny Durdu agedroen. D'Mme Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP). - Här President, Dir Dammen an Hären, ech erlabe mer dann elo zu dësem Gesetzesprojet d'Wuert ze ergreifen.

Mäin éischte Merci a mäin éischte Saz, dee geet dann un de Rapporteur Xavier Bettel, deem ech merci soe fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport, deen e ganz séier a ganz effikass presentéiert hat, an der Kommissioun an elo de Mëtteg hei an der Plénière.

Doriwwer eraus wielt ech trotz allem, egal nodeems wat den Här Scheuer och gesot huet, de Kommissiouns-membere merci soe fir déi effikass Diskussioun, déi mer do haten, an dass mer dëse Projet de loi sou séier konnten an d'Plénière bréngen.

Ech kommen domat op meng éischt Remarque ze spriechen, déi ech wollt maachen.

Et ass ugeklongen heibannen, wéi wann dëst géing zrëckgoen op ee Gesetz vun 1999. Dat ass eigentlech net wouer. Dëst ass e Projet de loi, dee bei dëser Regierung nei eragereecht ginn ass a wou speziell a partikular op de Bac international agaange gëtt.

Et ass heibannen opgeworf ginn, d'Fro, datt d'Gesetz vun '99 en Amalgam gewiescht wier, an do wäeren esou vill Dispositiounen dra gewiescht, an et wär besonnesch och ronderëm ee Lycée gaangen.

Also do wollt ech dann emol déi heite Remarque do drop maachen: Ech weess net, wat déi genau Ausrichtung vun deem Gesetz vun 1999 wor, well ganz einfach et esou wor, dass meng Fraktioun deemools net mat an der Regierung wor, dass also éischer d'LSAP misst wëssen, wat déi genau Ausrichtung vun deem Gesetz wor, well et ass jo vun deem deemolege Regierungsrot an der Chamber deponéiert ginn. Also misst Dir kënnen do éischer eng Äntwert drop hunn an drop fannen, wéi ech et elo ka maachen.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Däerf ech eng Fro stellen?

Mme Agny Durdu (DP). - Leet Dir lass!

M. Jos Scheuer (LSAP). - Wéi kënnt Dir da soen, datt dat, wat ech gesot hunn, net an deem Gesetz gestanen huet?

Mme Agny Durdu (DP). - Ech hunn dat net gesot, au contraire!

M. Jos Scheuer (LSAP). - Nämlech d'Ausrichtung vun deem Gesetz, an...

Mme Agny Durdu (DP). - Au contraire, Här Scheuer. Ech hunn net gesot...

M. Jos Scheuer (LSAP). - ...da sot Der duerno Dir géift et net kennen.

Mme Agny Durdu (DP). - Ech kennen et net, mä de Projet de loi vun 1999, ëm deen et sech dréint, ass net ënnert enger Regierungskoalitioun DP/CSV hannerluegt ginn, mä ënnert enger Regierungskoalitioun LSAP/CSV. Dir waart deemools mat an der Regierung.

De Bac international wor ee vun deene Punkten, deen deemools an deem Projet de loi virgesi wor. Also huelen ech jo un, dass Dir wosst, wat d'Ausrichtung méi prezis vun deem Gesetz wor an net mir.

Ech kann lech an där Hinsicht do keng Äntwert drop ginn.

An deem heite Projet de loi ass dunn de Bac international eenzel erausgeschielt ginn an e soll elo speziell behandelt ginn. Ënner anerem, well an deem initiale Projet de loi de Wonsch wor, haaptsächlech iwwer Règlement grand-ducal ze fueren, de Statsrot awer mat där Approche net d'accord wor an der Meenung wor, d'Chamber misst do méi Poids iwwert dës Matière behalen. Mat deem Wonsch ass och déi nei Regierung an hirer Koalitioun nokomm an deen heite Projet de loi ass deponéiert ginn.

Et wor mat Satisfactioun feststellen, datt de Statsrot positiv zu dësem Projet de loi wor, eis Suggestiounen gemaach huet, deene mer an der Kommissioun nokomm sinn.

Och ech wéilt der Mme Minister merci soen, dass mer dee Règlement grand-ducal, deen déi genau Dispositioun, déi genau Verfahrensweis, wéi dann elo dee Bac international muss gemaach ginn, fir datt en och d'Reconnaissance hei am Land kritt, an der Chamberskommissioun konnte mat analyséieren. Ech mengen, dat wor eng ganz gutt Approche an si huet eis Diskussiounen méi einfach gemaach.

Aus dësem Projet de règlement eraus gesäit ee wéi d'Exigence sinn, an dass ënner anerem dee Lëtzebuerger Schoulssystem respektéiert gëtt, ënner anerem d'Sproochenexigenzen.

Et ass elo als Kritik ugeklonge géint dee System, dass beim Bac international d'Schouldauer keng 13 Joer sinn, wéi bei eis, mä nëmmen zwielef Joer. Ech mengen, wann ech den Här Scheuer richtig verstane hunn, ass hien awer mat där Philosophie, déi beim Bac international a beim OBI gehandhaabt gëtt, d'accord, an datt hien am Fong geholl déi Philosophie dréit. Da kéint Dir jo also normalerweis nëmmen domat d'accord sinn, dass eng Formatioun de Kanner ugebuede gëtt, déi déi ronn kréien a manner Zäit, wéi dat an eisem Schoul-system de Wonsch ass. Da misst Dir et jo also droen an normalerweis och net an deem Mooss kritiséiere kënnen, wéi Dir et kritiséiert hutt.

Net nëmme beim Bac international ass nëmmen eng Exigence vun zwielef Joer gefrot, mä ech denken zum Beispill un d'Belsch a wann do meng Connaissance richtig ass, kënne si e Premièresexame maachen no sechs Joer Lycée an net no siwe Joer Lycée, wéi mir, an dat kënnt eben dohier, well d'Sproochesituatioun an eisem Land anescht ass wéi bei hinnen a si dat méi séier realiséiere kënne wéi mir, oder mengen et méi séier realiséieren ze kënne wéi mir. A mir hate bis ewell och nach ni Problemer eis an esou Systemer erëmzefannen.

Ob elo Kanner éischer dann op esou ee System hei zrëckgräifen, jo oder neen, ech weess et net. De Fait ass awer, dass e ganze Koup Lëtzebuerger Kanner an d'Belsch ginn an do hire Premièresexamen hannerleeën, an duerfir herno am Liewe mat hiren Diplomer keng gréisser

Problemer hunn, well hir Connaissancë grad esou gutt sinn wéi déi, déi se bei eisem Schoulsystem virfannen, sou dass ech also am Fong geholl...

(Interruption)

Jo, et sinn och Lëtzebuerger, déi op dëse Bac zrëckgräifen, sou datt mir awer do keng Problemer fannen dierften.

Den Här Scheuer huet d'Fro opgeworf, éischter d'Fro un d'Ministerin gestallt: "Wat maache mer dann elo, wa Lëtzebuerger Publiqueschoulen oder Lëtzebuerger Privatschoulen op dëse System zrëckgräifen?" Ech mengen, do ass et besser, wann d'Mme Minister drop äntwert. Ech fannen et an der Logik vun der Saach an net dramatesch, wann op dëse Bac zrëckgegraff géif, well mir erkennen hei d'Guttheet vun engem System un. Och Dir hutt gesot, d'Philosophie vun der Approche vun engem Bac international ass gutt. A wann ech dann erëm op dee Projet de loi vun 1999 zrëckkommen, deem ass jo awer och vun der LSAP mat gedroe ginn, dat huelen ech jo awer eemol un, datt de System vum Bac international net esou schlecht ass, an ech menge mir sollten also do keng Problemer siche goe wou keng sinn, mä ech mengen d'Mme Minister ka méi prezis drop äntwerte wéi ech.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Mme Durdu, Dir vereinfacht awer dat, wat ech gesot hu ganz staark! Do bleift awer näischt méi Rescht!

Mme Agny Durdu (DP).- Neen, neen! Dat ass genau dat doen! An ech mengen, Dir wäert net heibanne gewiescht, wou den Här Wiseler eng Äntwert ginn huet op dat wat och an der Kommissioun ugeklonge war: Do ass de Reproche gemaach ginn, dass virun allem d'International School extrem deier wier a mir hätten hei de Risiko, dass mir en elitäre System aféiere géifen, wou nëmmen déi Kanner, déi Elteren hätten, déi sech dat leeschte kënnen, op dëse Bac zrëckgräife géifen.

No deenen Ausféierungen, déi ech hei héieren hunn, stellen ech da mat enger gewësser Satisfioun fest, dass elo den Ennertoun oder déi Suggestioun, déi an der Kommissioun erauskommen ass, "deen Diplom wär manner wäert", op alle Fall hei an der Plénière net méi erëmkommen ass, mä dass Dir just nach de Virwurf maacht vum Kaschten, mä dat ass een anere Problem; et ass net den Diplom dee kascht, mä et ass d'Schoul déi kascht. An och, wann Dir eis International School vergläicht mat eise Privatschoulen, déi si wuel méi bëlleg wéi d'International School, mä dat kënn dohier, well déi ebe Konventioun mam Stat hunn an ech mengen et geet net hei drëm, en Diplom ze kafen, esou wéi dat e bëssen ugeklonge war, mä et geet just drëm fir den Diplom, deem an där Schoul gemaach gëtt, an eisem Lëtzebuerger Schoulsystem unzëerkennen.

Ech mengen dem Risiko, deem een huet, wann een international Diplomen an eisem System unerkennt, ass bei dësem Projet de loi Rechnung gedroe ginn, ënner anerem op eis Sproochesituatioun Rücksicht ze huelen.

Am Règlement grand-ducal sinn d'Exigence vun der Zweesproochegkeet berücksichtegt a wou dann ebe spezifizéiert gëtt, dass vun deenen zwou Sproochen, däitsch a franséisch, op mannst eng vum Schüler absolvéiert gi muss an engem bestëmmten Niveau.

Wat déi aner Matière betrëfft, ech mengen dat ass vum Rapporteur ënnerstrach ginn, esou entsprécht dat och eisem Schoulsystem, deem dann och der Sensibilitéit vun eiser Situatioun Rechnung dréit. Dat gesot, wéilt ech soen, dass mir als Fraktioun dëse Projet de loi viru wäerten ënnerstëtzen, an dass ech och den Accord vun eiser Fraktioun bréngen kann.

Ech soen lech merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un de Rapporteur, den Här Bettel, fir säi mëndleche Bericht.

An dësem Projet geet et ëm d'Reconnaissance vum Bac international. Et referéiert ee sech op déi auslännesch Spezialisten, déi hei zu Lëtzebuerg ugesiedelt sinn an op lëtzebuergesch Diplomaten, déi am Ausland op Missioun sinn. Hir Kanner, nodeems si de Bac international gepackt hunn, missten eng Equivalenz kréien, fir sech am Centre universitaire du Luxembourg anzeschreiwen oder fir Affekot, Dokter, Apdikter oder Professor ze ginn.

Bei der Approche vun dësem Projet besteet fir d'Associatioun vun de Professerer (APESS) eng kruzial Fro, nämlech déi, ob mir eng Alternativ zu eisem öffentleche Schoulsystem offréiere sollen, déi et verschidde Schüler erlabe géif, ee méi einfache Wee anzuschloen.

D'International School of Luxembourg, déi vun der Dupont-Schoul an dono vun der American International School hierstaamt, ass eng Privatschoul. Am Primaire kascht ee Joer 500.000 Frang, am Postprimaire ongeféier 600.000 Frang an als Vergläich kascht ee Joer am Postprimaire hei zu Lëtzebuerg 350.000 bis 400.000 Frang. Theoretisch ass et méiglech, dass eng Lëtzebuerger Privatschoul, déi existéiert oder nach ze schafe wier, mat weëner Fräen een Zyklus vun zwou Joer, deem zum Bac international géing féieren, ubidde kënn.

Dat géng, der APESS no, eng Spaltung vum Enseignement bedeuten, well ëmmer méi Studente sech fir zwielef Joer Schoul entscheede géife par rapport zu 13 Joer, déi momentan an den öffentleche Schoule Flicht sinn. Och gëtt kritiséiert, dass déi sozial manner bemëttelt Leit sech eng Privatschoul net leeschte kënnen an esou 13 Joer an der öffentlecher Schoul verbréngen müssen.

Eis Remarken zu dësem Projet:

1. Et sinn net vill Lëtzebuerger oder Résidenten, déi sech an der ISL aschreiwe wäerten, fir e Joer Schoul ze gewannen, well de Präis vu 600.000 Frang pro Joer muss nach bezuelt ginn. Et wär méi virdeelhaft, fir Lëtzebuerger an d'Ausland ze goen, wou nëmmen zwielef Joer Schoul, anstatt 13 Joer, ugebuede ginn, an dat ouni 600.000 Frang pro Joer ze bezuelen. A wa meng Informatiounen richteg sinn, da ginn e puer dausend Lëtzebuerger Schüler all Joer an d'Ausland. Wann d'Mme Minister mir géif preziséieren, wivill dass dat der wieren, da wär ech frou.
2. Generell gesinn hu mir kee Problem, wann de Schoulsystem op zwielef Joer reduzéiert gëtt, anstatt 13, a souguer fir Kanner, déi surdoués sinn, géifen eelef Joer duer goen. Och domat kéinte mer liewen. Haaptsaach d'Schoul hätt eng gutt Formatioun ugebueden. Duerfir menge mir, dass de Schoulministère sech onbedéngt misst Gedanke maachen, fir an déi Richtung vun zwielef Joer ze goen, fir da mat den auslännesche Schoule gläichzezéien.
3. Mir hunn näischt dogéint, wann hei am Land e puer franséisch oder däitsch Privatschoule wieren, mat engem ganz gudden an héijen Niveau. Dat wier no der PISA-Katastroph ee weideren Usporn, fir déi Privatschoulen nozeahmen, a fir datt den öffentliche Schoulsystem esou méi kompetitiv géif ginn, wéi en elo ass. Datt momentan de private Schoulsystem méi effikass ass wéi den öffentliche Schoulsystem beweist eleng d'Tatsaach, datt vill besser gestalte Lëtzebuerger hir Kanner a franséisch Privatschoule schécken, déi och zimlech deier sinn, wou se awer sécher sinn, dass hir Kanner déi néideg gutt Kenntnisser mat an d'Liewen eranhuelen.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här Colombera, duerfir gëtt et awer kee Beweis, wat Dir do sot. Dat ass eng Behauptung an eng Meenung, op där anerer Säit hutt Dir do kee Beweis, dass déi Schüler besser si sollen, an dass déi Schüler besser erauskomme sollen.

Une autre voix.- Mir wëssen dat och!

M. Jean Colombera (ADR).- Da wëll ech nach eng Remarque maache fir d'Sozialisten! Op "décision du Gouvernement en conseil prise en vertu de l'article 9" vum Steiergesetz, huet ënner sozialistescher Regierung all Kaderbeamten, also all Bankdirekter, seng Fräen integral bonifiéiert kritt, wéi e seng Kanner op d'American School of Luxembourg geschéckt huet. Do ass awer näischt gesot ginn, mengen ech.

Une voix.- Et geet elo duer, Här Zanussi.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Et ass keng Äntwert op dat wat ech gefrot hunn.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Et geet net ëm déi Kanner!

M. le Président.- Loosst den Här Colombera schwätzen! Déi aner sollen nolauschten! Jiddferen huet d'Geleeën-

heet, fir och hei d'Wuert ze ergräifen an et soll een net dauernd hei ënnerbriechen.

M. Jean Colombera (ADR).- De Message, dee mir hei iwwermëttele wëllen, ass, datt déi öffentlech Schoul hiren Niveau erhéije soll, fir datt jiddferen déi bescht Trëmp an der Hand hu soll. Dat gesot, hu mir als ADR guer kee Problem, fir d'Equivalenz vum Bac international op Diplomer vum Secondaire anzeféieren, well jo och ee Projet de règlement grand-ducal annexéiert ass, deen d'Modalitéite vun der Equivalenz festleet. Mir wäerten also folglecherweis dese Projet stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. D'Wuert huet den Här Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn den Androck, dass d'Längt vum Rapport vum Rapporteur ëmgedréint proportionell ass zur Längt vun der Diskussioun. Ech hätt mer erwaart, dass mer vläicht méi intensiv nach Prezisiounen vum Rapporteur hätte kréie kënnen, well an der Kommissioun selwer ass och scho genau esou intensiv a mat ähnlechen Argumenter wéi hei diskutéiert ginn. Ech wëll trotzdem dem Rapporteur merci soe fir säi schnelle Rapport.

Op den éischte Bléck ginn et gewiichteg Ursaachen, fir deem Projet de loi zouzestëmmen. D'Reconnaissance vun engem Bac international, deen an allen aneren EULänner unerkannt gëtt, fir déi hei zu Lëtzebuerg net ze ginn ass relativ exotesch. Et ass och besonnesch zu Lëtzebuerg esou, dass mir nach par rapport zu deenen anere Länner, déi esou e Bac unerkannt hunn, eng méi eng grouss Konzentratioun vun den Elëven aus deenen Zilgruppen hunn, also Diplomaten, héich Kaderen aus transnationalen Entrepreneuren a vun internationalen Instituter an ech géif et och zimlech sënnslos fannen, wann elo en indischen Diplomat oder en englesche Banquier seng Kanner misst op London oder op Jersey schécken, fir kënnen e Bac ze maachen, well ebe keng entsprechend Strukturen hei zu Lëtzebuerg zur Verfügung stungen.

Et ass och kloer, dass, wa mer eng Konventioun wéi déi vu Lissabon ratifizéieren oder unerkennen, mir déi och mussen anhalen, sou dass et op den éischte Bléck selbstverständlech schéngt, fir esou e Bac international unzërkennen. Dat verhënnert awer net, wann et och eng international Konventioun ass, fir kritesche Remarque Rechnung ze droen, an déi sinn an deenen zwee Avise vun de Syndicater SEW an APESS mat relativer Däitlechkeet duergeluegt ginn.

Ech wëll eng Kéier ganz kuerz déi Haaptawänn zitéieren: "Mir schafen hei en extrae Régime fir eng kleng Schicht vu privilegiéierten auslännesche Kanner, deenen hir Eltere sech kënnen e Minerval vu bis zu 17.000 Euro oder 650.000 anciens francs leeschte kënnen. Mir erlaben hei

och méi large Dispenze wéi an allen aneren öffentleche Lycéëen hei zu Lëtzebuerg, ausser an de Privatschoulen an an der Europaschoul. Scheinbar schéngt et och net méiglech ze sinn eng Stipulatioun anzeféiere wéi an der Schwäiz, nämlech dass déi Lëtzebuerger Schüler a Schülerinnen net vun esou engem Bac international profitéiere kënnen. D'Syndicaten hunn do e bëssen eng aner Meinung wéi déi, déi d'Spezialisten aus dem Ministère eis duergeluegt hunn.

Weider gëtt och déi méi kleng Studiendauer kritiséiert, dass et manner Fächer sinn, dass et aner Fächer sinn, dass ee kann zwësche verschiddene Fächer wielen, dass een zwëschen enger première an enger deuxième langue wile kann. A schliesslech gëtt och monéiert, dass d'Reconnaissance vun engem private Bac net der Unicitéit vum Lëtzebuerger Schoulsystem, dee jo awer och bei de kathoulesche Privatschoulen nach um Niveau vum Bac ass, géing entsprechen.

Eng Rei vun deene Bedenke si sécherlech berechtigt, anerer manner, an ech wëll der zwee, dräi méi genau erausgräifen. Dat éischt ass d'Argument vun der Studiendauer. Wéi och scho mäi Virriedner hei sot, ass fir eis d'Studiendauer keen onbedéngten Indikator fir d'Qualitéit vun de Studien. Et gi Länner wéi Spuenien, wou ee mat 17 Joer scho säi Bac maache kann an ech hu keng Indikatiounen, dass den Niveau do méi kleng si soll.

A wéi mir hei an den Debatten iwwert d'PISA-Etüd Wieder wéi "lâcher du leste", oder "weniger ist mehr" an de Mond huelen, da musse mer och bereet sinn, fir eventuell gewësse Kategorië vun der Schulpopulatioun et ze erlaben, hir Studien an enger méi kuerzer Dauer ze maachen.

Den zweeten Awand betrëfft den Inhalt oder d'Configuration vum deem Bac, deen och a verschiddenen Avisé kontestéiert ginn ass. Ech ralliéiere mech do der Meinung vun de meeschte Virriedner, dass et eigentlech keen Nivellement vers le bas ass, wann een e bëssen d'Situatiounen an deem Bac kuckt, mä éischter souguer eng héich interessant Variant zu eisem unitaire Bac, dee sech säit de leschten 30 Joer net schrecklech vill geännert huet, besonnesch wann een d'Konzept vun der première et deuxième langue betruecht. Dat ass beim Hearing iwwer PISA besonnesch vun den Ausländerorganisatiounen ganz oft an de Mond geholl ginn. Mir sinn amgaang, op den EST bezunn, esou Modalitéiten ze studéieren.

Och dat Konzept, fir manner Fächer am Bac ze préiwen, ass eng Praxis, déi et a ganz ville Länner gëtt. Ech hu mer nach d'lescht Woch vun enger Kolleginn aus Nordrheinwestfalen soe gelooss, dass do am Premièresexamen véier Fächer mëndlech a schrëftlech gepréift ginn an all déi aner Fächer gi während dem Joer gepréift, wéi an den normale Joren, wat derzou féiert, dass ee sech wuel dat ganz Joer op dee Bac virbereet, mä an deem Joer och nach aner Saache mécht, déi net onbedéngt op dee fatidiquen Datum histeieren. De grouse Feeler vun eisem Premièresexamen ass jo, dass ee quasi e ganzt

Joer verléiert, wou een net auswielt, wat ee léiere soll, mä just dat, wat ee léiert dorop auswielt, ob et nützlich ass, fir am Premièresexamen engem vun Notzen ze sinn.

Schliesslech fannen ech dee grouse Choix vu Branches à option en extrem flotte Modell, och Saachen, déi vläicht zu Lëtzebuerg bei de Schüler net esou gutt géifen ukommen, wéi dass ee muss ee Mémoire maachen an un Activités parascolaires soll deelhuele. Dat fanne mir eng extrem interessant Saach.

Dofir sinn eis Bedenken éischter am Kontext mat dem restringéierende Choix vun der Schulpopulatioun ze gesinn, wéi mat dem Konzept vun deem Bac international selwer.

Et ass weiderhi méiglech, dass Lëtzebuerger Schüler, deenen hir Elteren zimlech vill Kopeken hunn, an Zukunft kënnen op en temporären Exil zu Arel oder zu Thionville verzichten, fir hire Bac dann zu Lëtzebuerg ze maachen. Ech si mer, wéi gesot, net 100%eg sécher, ob et net awer méiglech gewiescht wär, eng Clause d'exclusion ze maachen. Et ass eis gesot ginn, dass dat, wat fir EU-Bierger gëllt, och fir Lëtzebuerger Bierger muss gëllen. Ech hunn do e bësse kontradiktoresch Aussoen héieren.

Mir sinn an eiser Haltung e bëssen téschent deene beschwichtigenden Äusserunge vum Här Wiseler an deene klassekämpfereschen Ausféierunge vum Här Scheuer. Mir wäerten eis aus deem Grond bei deem Gesetz enthalten.

Ech wëll awer nach zwou, dräi méi fundamental Iwwerleeunge maachen a mech dann op déi, och vum Här Scheuer ageschloe méi klassekämpferesch Schinn leede loossen. Ech wëll, vläicht e bësse plakativ - mä eppes Plakatives seet och heiansdo eppes aus, och wann et vläicht e bëssen ondifferenzéiert ass -, insinuéieren, dass et zu Lëtzebuerg e Klasesystem an der Schoul gëtt, an zwar e System mat fënnef Klassen.

An der éischter Klass sinn déi Leit vun deene mer hei schwätzen, déi an der International School hir Studie maachen an déi do e Bac international ofleeën, nodeem se jährlech 17.000 Euro op den Dësch gebliedert hunn.

Déi zweet Klass sinn d'Schüler an d'Schülerinnen aus der Europaschoul. Déi kënnen téschent 11 Sections linguistiques wielen an e Minerval vun ongeféier 3.000 Euros pro Joer bezuelen.

Déi drëtt Klass sinn d'Lëtzebuerger Schüler an der öffentlecher Schoul, déi ech wëllt e bësse par analogie zu de White Anglosaxon Protestant Schüler an den USA als White Catholic Luxembourg and middle-class Schüler bezeichnen. Dat sinn déi Mëttelklasseschüler zu Lëtzebuerg, déi relativ gënschteg hiren Enseignement secondaire kënnen packen.

Am Won vun der véierter Klass fanne mer haaptsächlech déi White Catholic Luxembourg born lower-class Schüler, déi am EST erëmzefanne sinn.

An der fënnefter Klass, do fanne mer am EST an den ënneschten Niveauen an och am Préparatoire déi Schüler aus der lower class, déi white oder colored sinn, awer haaptsächlech foreign oder Luxembourg born awer foreign sinn.

Dat sinn déi fënnef Klasesystemer, déi mir zu Lëtzebuerg hunn. Aus deem Grond hu mir e relativ mummelecht Gefill, fir gläichzäiteg hei déi berechtigt Uspréch vun den upper-class Migranten an der International School ofzeseenen, awer parallel säit iwwer 20 Joer dorop ze waarden, dass e méi differenzéiert Ugebuet vun Enseignement a vun Diplomer fir déi multikulturell Schülerschaft an der Lëtzebuenger öffentlecher Schoul ugebuede gëtt.

Säit 20 Joer hätten d'Lëtzebuenger Schoul an déi Lëtzebuenger Regierung, déi verantwortlech war, missten d'Konzepter vu première et deuxième langue aféieren. An 20 Joer hu mir, duerch déi Selektioun duerch d'Sproochen, en enormen intellektuelle Verschläiss eis zu Lëtzebuerg gelescht. Déi Situatioun, déi wäert an den nächste Joren a gëtt de Moment schonn ëmmer méi komplex, well eis Immigratioun gëtt ëmmer méi vielschichteg. Et sinn net nëmme méi déi portugisesch oder italiéinesch Migranten, déi op Lëtzebuerg kommen an déi zum gréissten Deel hir Kanner hei kréien, Kanner, déi da souguer kënnen duerch dee ganzen Itinéraire vun der Lëtzebuenger Schoul goen. Mir wäerten ëmmer méi Migratioun kréie vu Leit, déi hir Kanner matbréngen, déi schonn Itinéraires scolaires hannert sech hunn, déi och net onbedéngt aus romanophoné Kontexter kommen, mä aus méi däitsch noen, slaveschen oder anere Länner. Déi linguistesche Ufuerderungen, déi ginn och ëmmer méi komplex, well mir schwätzen hei nach vun Dräisproochegkeet, wa mer d'Lëtzebuergeschtsch incluëieren. Dat Englescht wäert ëmmer méi Importenz kréien.

Besonnenesch, wann een an der Evolutioun vun de 700.000 denkt, da kënne mer an 20 Joer esou wäit kommen, dass 2/3 vun de Schüler an den öffentleche Schoulen net méi Lëtzebuenger a Lëtzebuengerinne sinn. Déi komplex Situatioun wäert dann derzou féieren, dass net nëmme déi auslännesch Schüler a Schwieeregkeete kommen, mä och déi Lëtzebuenger Schüler, well déi an deene Schoulen oft an der Minoritéit wäerte sinn. Da musse mer eis Alternativen zu eisem monoliteschen Enseignement awer och Alternativen zu eisem monolitesche Bac ausdenken.

A wa mer wëlle vermeiden, dass herno eng Panoplie vun internationale Privatschoule sech zu Lëtzebuerg usiedelt, well wann ee weess, dass an alle Secteure liberaliséiert gëtt, da freet ee sech, firwat dass den Enseignement an Europa nach zum Deel do ausgespaart gëtt, an et kéint ee sech virstellen, dass eng franchising Chaîne vu Privatschoule sech zu Lëtzebuerg installéiert a sech d'Schlagsahn vun dem Lëtzebuenger Schoulkaffi erfroeschäftelt, an dass an der Lëtzebuenger öffentlecher Schoul nach déi

schwierig Populatioun sëtzt mat ganz schwierigen Itinéraires, während déi privilegiéiert Kanner sech an deiere Privatschoule kënne sonnen, da kënnt een dat vläicht maache mat der Hëllef vun enger Direktiv.

Dofir wëll ech dräi Fuerderunge vun eis nach eng Kéier an de Raum stellen:

- Dass ee bei der Reform vum Cycle supérieur vum Enseignement secondaire och un esou Saachen denkt. Eis Virstellungen decke sech a verschidde Beräicher mat deenen, déi de Moment vum Ministère aus um Dësch leien. An anere Kontexter gi mir e bësse méi wäit.

Mir fannen, dass eigentlech, bei engem seriösen a condenséierten Unterricht bis 4e, d'Basics misste wäitgehend ofgeschloss sinn, an dass een da vun 3e bis 1ière misst d'Schüler op eng gewësse Spezialisatioun hiféieren. Dat geschitt jo doduerch, an dat fanne mer och gutt, dass déi Spezialisatioun net méi op 2e ufänkt, mä op 3e. Mir géifen awer bei där Spezialisatioun e bësse méi wäit goen, zum Beispill esou Modeller wéi am Kanada, wou vun 3e un d'Schüler pro Trimester nach véier Fächer hunn, déi se a Modulë vun 1½ oder 2 Stonnen den Dag absolvéieren, a wou se sech op eng Matière concentréieren, wou se dann natierlech en exemplareschen Unterricht kréien an och un exemplaresche Projete schaffen. Déi hunn natierlech herno net deen encyclopedeschen Iwwerflug gemaach wéi bei eis, mä si hu sech un exemplareschen Theme ganz fit gemaach, fir sech méi aktiv Kompetenzen unzëeegnen.

Mir géifen also mengen, dass dat, wat och am Bac international e bëssen uklängt, eng bësse méi aktiv Unëeegnung vu Wëssen, eisem Cycle supérieur och géif ganz gutt doen.

Och déi linguistesche Ofstufung: première, deuxième a souguer troisième langue kéinte mir eis virstellen am Enseignement secondaire wéi am Enseignement secondaire technique.

- Da kommen ech zu der zweeter Fuerderung, eng Inspiratioun vun der Form vun deem Bac international. Ech fannen déi Konzentratioun op manner Fächer, déi een dann e bësse méi genau mécht, während een déi aner mécht wéi an engem normale Joer, ganz gutt. Och d'Tatsaach, dass d'Schüler op 1ière schonn e kleng Memoire schreiwen, ass sécherlech net onnëtz an och net kontraproduktiv fir hir spéider Carrière, wa se géifen op d'Uni goen an och wa se net ginn. Och déi Activités parascolaires fanne mir ganz wichteg a souguer de Module vun Théorie de la connaissance fanne mir am Hibleck vun engem méi transversalen a fächeriwwergräifende Léiere ganz nützlich.

Mir fannen, dass de Lëtzebuenger Bac sech soll lues a lues vu verschiddeenen Elementer vun deem Bac international inspiréieren, wat net heescht, dass mir elo

mussen e Bac international einfach esou iwwerhuelen, mä verschidden Elementer si sécherlech interessant.

– Ech wëll eng lescht Fro stellen: Soll net e Bac international vun enger öffentlecher Schoul ugebuede ginn oder vläicht déi aner Variant, dass de Lëtzebuerger Bac an der öffentlecher Schoul esou soll konzipéiert sinn, dass e quasi e separate Bac international iwwerflësseg mécht, dass déi Modulen, déi zum Schluss vun der Carrière ugebuede ginn, déi esou diversifizéiert a flexibel sinn, dass och Schüler, natierlech mat engem gewëssene Bagage, déi spéider an d'Land kommen an déi zum Beispill eng Sprooch net kënnen, awer an der öffentlecher Schoul kënnen évoluëieren an net mussen zrëckgräifen op entweder eng International School oder op Schoulen am grenznoen Ausland?

Ech gi keng definitiv Äntwerten op déi Froen, well dat sinn awer e bësse méi komplex Geschichten, dass een elo einfach seet, elo iwwerhuele mir de Bac international an da sinn d'Lëtzebuerger Schüler a Schülerinnen an och déi Auslänner, déi hei wunnen, aus dem Schneider. Dofir wollt ech eng Motioun hei déposéieren, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, am Kader vun deene Studien, déi si jo elo anscheinend an Opdrag ginn huet am Hëllef op de 700.000-Awunner-Stat, den Impakt vun der aktueller a vun der zukünftiger Migratioun op nei Enseignements- a Certificatiounsmodeller vun der öffentlecher Schoul ze ënnersichen, notament esou Konzepter wéi première et deuxième langue, an dass een och soll ënnersichen - an dat huet näischt elo mat där anerer Etüd ze dinn, well dat kann ee vill méi schnell un Hand vun der Praxis ënnersichen -, wéi eng Elementer vun deem Baccalauréat international zum Beispill d'Ventilatioun vun den Disziplinen, dem Mémoire an den Optiounen, ee kéint eraushuelen, fir eng bësse méi moderniséiert Versioun vum Lëtzebuerger Premièresexamen ze formuléieren.

Motion 1

La Chambre des Députés

- constatant que le baccalauréat international constitue pour une catégorie restreinte d'enfants de parents allochtones un moyen pour bénéficier d'un diplôme de fin de scolarité reconnu au niveau international;
- constatant toutefois que pour la grande majorité des élèves allochtones, dont les parents ne sont pas fonctionnaires communautaires ou ne peuvent pas payer le minerval élevé de l'école qui offre le bac international, un tel diplôme international reste inaccessible, tout comme, dans beaucoup de cas, le baccalauréat luxembourgeois reste inaccessible pour les raisons amplement décrites de sélection préalable par les langues;
- soulevant l'idée que d'ores et déjà la masse critique d'élèves allochtones semble atteinte pour que l'Ecole publique puisse raisonnablement offrir un diplôme

inspiré du bac international, accessible à une plus large partie de la population scolaire, et que cette masse critique va encore augmenter dans la perspective d'une forte immigration dans les décennies à venir;

invite le Gouvernement

- à faire étudier, dans le cadre des recherches scientifiques sur la croissance démographique, telles que postulées dans une motion de la Chambre, l'impact de l'immigration actuelle et future sur de nouveaux modèles d'enseignement et de certification dispensés par l'Ecole publique luxembourgeoise, notamment par des concepts comme celui de "première et deuxième langue";
- à étudier dans quelle mesure certains éléments du baccalauréat international, notamment la ventilation des disciplines du cursus, le mémoire et les options, pourraient inspirer une version plus contemporaine du baccalauréat - classique et technique - offert par l'Ecole publique luxembourgeoise.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi International School of Luxembourg ass, wéi elo schonn e puermol duergeluegt ginn ass, eng Privatschoul, geféiert vun enger privater Fondatioun, déi hire Sëtz an der Schwäiz huet. Et ass eng Schoul, wann ee gesäit, wat fir eng Minervalen do gefrot ginn, fir eng bestëmmte Geldelite. Si ass zu Lëtzebuerg ënnerbruecht an engem Gebai, dat de Stat bezuelt huet.

Et gëtt gesot, déi Gläichstellung vun deem internationale Bac, deen an där Schoul do ugebuede gëtt, mat eise Premièresdiplom, déi misst agefouert ginn, fir den Zougank zu universitärer Studien oder zu allgemengen Héichschoulen deene Schüler ze erlaben.

Wann dat déi eenzeg Zilsatzung wär, da bräicht et kee Gesetz, et kënnt een dem Centre universitaire de Choix loossen, ob en esou Schüler acceptéiert oder net, esou wéi dat a villen aneren auslänneschen Universiteiten de Fall ass, déi sech einfach net automatesch begnügen, dass ee mat engem Bac dohinner kënnt an ee sech däréch aschreiwen, well se ebe méi héich Ufuerderunge stelle wéi e Bac ze hunn, a sech oft d'Erlaabnis huelen, fir zousätzlech Prüfungen ze verlaangen, ier een definitiv als Student an deene Schoulen zougelouss gëtt.

Et ass also, menger Meenung no, an dësem Zesammenhang eng falsch Argumentatioun. Dat wär absolut net noutwendeg gewiescht. Wann déi Verantwortlech vum Centre universitaire feststellen, dass déi, déi aus där

Schoul do kommen, valabel sinn, fir hir Etüde weider do ze féieren, da kënne se einfach dee Studiengang op-huelen.

An der Argumentatioun firwat awer déi Gläichstellung, net nëmmen eng Reconnaissance vum internationale Bac zu eisem Premièresdiplom noutwendeg wär, ass dann eng zweet Saach, déi dann ugefouert gëtt, an zwar dass et soll dëngen "contribuer à conférer le droit d'accéder à des fonctions ou des professions au Luxembourg pour lesquelles un diplôme de fin d'année secondaire luxembourgeois ou un diplôme reconnu comme équivalent est requis". Hei ass menger Meinung no éischt de Kär dovun, fir deenen d'Méiglechkeet ze ginn, mat méi enger kuerzer Studiendauer zu engem Diplom ze kommen, dee gläichgestallt ass, mat deem, deen déi Schüler kréien, wa se eisen normale Schoul-system duerchlafen, an dann och op den Aarbechts-maart ze kommen, hei zu Lëtzebuerg, fir deen den nor-male Premièresexamen virgeschriwwen ass. Dat ass ee Wee, deen ech net gutt fannen, well e beschleunegt gëtt duerch dat Geld, dat dotëschent ass, well deenen, déi déi Suen opbrénge kënnen, et méi schnell méiglech gëtt, fir zu engem Resultat ze kommen, fir dat anerer ee Joer méi laang brauchen.

Et gëtt och gesot, déi international Schoul wär nout-wendeg fir Kanner vun Diplomaten oder vu friemen, héijer Kader aus der Wirtschaft, déi zudeem vläicht nëmmen e puer Joer hei am Land sinn, an déi sech net an eise System integréieren oder sech do erëmfanne kënten. Déi Kanner vu Flüchtlingen awer, oder vu Migranten, hunn déi Méig-lechkeet net, déi müssen eise System komescherweis duerchlafen an, nach méi komescherweis, réusséiere se souguer ganz oft net schlecht. Wann ee sou héiert, wat gezielt gëtt, besonnesch vun deene Flüchtlingskanner aus dem fréiere Jugoslawien, dann héiert ee ganz oft, dass do Kanner dobäi sinn, déi ausseruerdentlech gutt an eisem Schoulssystem réusséieren, allerdéngs ganz oft nëmme während kuerzer Zäit, well se dann erëm ausgewise ginn.

Dat gesot, Här President, gesinn ech also net d'Nout-wendegkeet fir hei e Gesetz ze maachen, fir esou eng Equivalenz auszeschwätzen. Besonnesch dann, well een déi Vergläichsméiglechkeet net huet. Déi international Schoul - et ass jo lo a leschter Zäit vill vu PISA geschwat ginn - huet, souwäit ech informéiert sinn, net un där Etüd deelgeholl, mer wëssen also och net, wéi déi Schüler aus där Schoul do an deem Zesummenhang ofgeschnidden hätten, ob se lo eis normal Moyenne, déi jo ganz schlecht war, an d'Luucht gehuewen hätten, oder ob se déi erreecht hätten, dat alles kënne mer net soen. Dofir ass et menger Meinung no net gutt méig-lech, eng Equivalenz tëschent zwee ganz verschiddene Systemer auszeschwätzen, an et ass wëssenschaftlech och net gutt ze rechtfertigen.

Ech géif also dofir, Här President, net mäin Accord zu dësem Gesetzesprojet ginn, sou wéi dat och scho ver-

schidden aner Riedner gesot hunn, dass se dat net géife maachen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Erzéiungsminis-tesch, d'Mme Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education natio-nale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur villmools merci soen, deen an enger ganz kuerzer Zäit dee schrëftleche Rapport huet misse vir-leeën. Ech wëll och allen Orateure vun haut villmools merci soen.

Fir déi Diskussioun hei unzegoe muss een, mengen ech, eppes ënnerscheeden. Et geet hei, bei dësem Projet de loi, ëm d'Unerkennung, ëm d'Equivalenz vum internationale Bac, deen och hei zu Lëtzebuerg an der Internationaler Schoul gemaach gëtt. Mä d'International Schoul zu Lëtze-buerg ass en anere Volet wéi d'Reconnaissance vum Bac international.

De Bac international ass e Baccalauréat, deen an iwwer 1.100 Schoulen duerchgezu gëtt, an an 101 Länner. Véierzéng Länner vun der Union européenne kennen de Baccalauréat international un, a setzen e gläich mat hirem eegene Bac. Lëtzebuerg kennt en net un. Mir sinn an där cocasser Situatioun, dass beispillsweis mer hei op Grond vun internationale Konventiounen dee fran-séische Baccalauréat ouni Problem müssen unerkennen, mä de Bac international, deen a Frankräich unerkannt ginn ass, also equivalent zum franséische Bac gestallt gëtt, erkenne mer dann hei net als equivalent un, sou dass ech mech froen, ob mer net um juristesche Plang och eng Kéier Problemer kéinte kréien. Mir müssen also den Ënnerscheid maachen, tëschent dem Bac interna-tional als equivalent Unerkennung an der International Schoul, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, an an där de Bac international kann duerchgefëiert ginn.

Och muss ee sech mol iwwerleeën, ëm welch Zuelen et sech hei handelt. Am Joer 2001 waren an der Interna-tional School of Luxembourg 15 Schüler vu 24 méig-lechen, déi de Bac international gemaach hunn an 12 hunn e gepackt. Am Joer 2002, also dëst Joer, sinn 23 Elève vu 29 méiglechen an deem Bac international age-schriwwen. Et ass also net esou, dass hei enorm vill Schüler wieren an dass dat e Lëtzebuerger Problem wier op Lëtzebuerger Territoire, well do sinn d'Zuele ganz kleng, wann ech dat och a Vergläich setze mat de Reconnaissancen, déi mer maache müssen. Mir müssen op Grond vun internationale Konventiounen aner Bacen unerkennen. Mir hunn am Joer 2001 beispillsweis 655 auslännesch Baccalauréaten hei zu Lëtzebuerg uner-kannt. Wann een dat en rapport setzt mam Total vun de Lëtzebuerger Diplomen, déi mer am Joer 2001 am Secondaire an am Secondaire technique verginn hunn, dat sinn der 1.514, dann heescht dat, dass mer also e bësse manner wéi d'Halschent vun internationale Reconnaissancë souwisou schonn haten, an d'Interna-

tional School fällt do mat nëmme ronn 20 Baccalauréaten an Zukunft an d'Gewicht. Sou dass mer hei vun enger ganz, ganz klenger Zuel schwätzen.

Ech wollt dat Uganks vu menger Stellungnahm awer rappelléieren, an net d'Meenung opkomme loosser, mir géife lo hei eppes fir d'International Schoul zu Lëtzebuerg maachen: Neen, bei dësem Projet geet et ëm déi international Unerkennung an Equivalenz vun deem Bac international.

De Wonsch war och geäussert ginn an där virechter Regierung vu Lëtzeburger Beamte vun den Affaires Etrangères, deenen hir Kanner am Ausland studéiert hunn an do de Bac international gemaach hunn. Wann déi Kanner zrëck op Lëtzebuerg koumen, krute se en net unerkannt. Si kruten en unerkannt an allen aneren EU-Staten, mä net hei zu Lëtzebuerg. Déi Leit sot: Lëtzebuerg, als Place internationale, a wat sech als oppent Land gëtt, kann dach net higoen an als eenzeg europäesch Land dee Bac net unerkennen.

D'Mme Hennicot hat nach an der virechter Regierung probéiert - dat gesidd Der och am Avis vum Conseil d'Etat - iwwer e Règlement grand-ducal ze fueren. De Conseil d'Etat huet awer deemools gesot, et misst légitiméiert ginn, an dofir ass dunn hei e Gesetz gemaach ginn, wat just eben als Objet d'Unerkennung vum Bac international huet.

D'Organisatioun an d'Modalitéiten dovun si vum Rapporteur explizéiert ginn, an och vu verschiddenen anere Riedner ervirgestrach ginn.

Firwat mussen mer de Bac international onser Meenung no unerkennen? Als international Plaz kënne mir net dat eenzeg Land vun der EU sinn, dat seet: Deen do Baccalauréat erkenne mer net un. Zweetens müssen d'Kanner vu Lëtzeburger Diplomaten oder vu Leit, déi eng Fonctioun am Ausland hunn, an déi am Ausland studéieren an e Bac international do maachen, d'Méiglechkeet kréien, an hirem Heemechtsland dee Bac unerkannt ze kréien, wéi dat och an anere Länner ass.

Finalemment hu mer eng Konventioun vu Lissabon iwwert d'Reconnaissance vun den Diplomen unerkannt an do gëtt recommandéiert - et war just eng Recommandatioun -, de Baccalauréat international och unzëerkennen, wat déi aner Länner vun der EU gemaach hunn, a mir net.

Et ass méiglech, dass een als Land extra Konditiounen fir d'Unerkennung fixéiert, an dat hunn aner Länner, wéi beispillsweis och Däitschland, gemaach. Och mir hunn dat duerch e Règlement grand-ducal gemaach. Den Här Wiseler huet d'Fro gestallt, ob mir Konditiounen fixéiere kënnen, déi et am Ausland net gëtt, an ob mir fir auslännesch Diplomen, fir e Bac international, deen een am Ausland mécht, Konditiounen fixéiere kënnen. Dat ass eng Fro, déi net oninteressant ass, mä mir sinn net eleng, déi dat gemaach hunn. Dëselwecht Konditiounen si beispillsweis och an Däitschland fixéiert ginn.

Den Här Garcia huet d'Fro opgeworf, ob ee beim Bac international net den Ënnerschied maache kéint, tëschent deenen, déi hei zu Lëtzebuerg de Bac international maachen, also Lëtzeburger, an deenen, déi en am Ausland maachen. Do gëtt mir - weder den Här Garcia nach ech si Jurist - vun de Juriste gesot, dass dat am Droit communautaire net geet, an dass mer do ee wéi deen anere behandelte müssen. Deem muss ech dann natierlech och Folleg leeschten, well et geet net, dass mer aner Konditiounen fir Lëtzeburger hunn, oder Résidenten um Lëtzeburger Territoire, wéi fir e Schüler, deen iwwert der Grenz wunnt, oder een, deen eng aner Nationalitéit huet.

Mir hunn also Contrainten agebaut, ebe just fir net den Androck opkommen ze loosser, dass dat hei en Examen au rabais wier, well et och keen ass, obscho verschidde Leit probéiert hunn, dat duerchblécken ze loosser a verschidde Stellungnahmen, déi am Laf vun der Zäit komm sinn.

Déi Konditiounen hei sinn och fixéiert ginn, zesumme mat de Presidente vun den nationale Programmkommissionen hei zu Lëtzebuerg, vum franséischen, vum däitschen a vum engleschen, fir eben ze soen, dass dat déi Exigence ass, déi een hei zu Lëtzebuerg muss hunn. Ech mengen, mir hunn och den Absolvente vun deem Bac international en Dëngscht geleescht, well se sech sou net de Virwurf gefale loosse müssen, se kréischen do méi en einfache Bac.

Och am Système de compensation, dee bei hinne vill méi large ass, hu mer Restrictionen agebaut, déi am Règlement grand-ducal virgesi sinn. Mir hunn eng ganz Rei vu Leit consultéiert, zum Beispill de Collège des Directeurs vum Enseignement secondaire a vum Secondaire technique. Déi hunn en Avis favorable ginn. Mä et sinn anerer, wéi zum Beispill d'APES, den SEW, déi en negativen Avis dozou ginn hunn, well se gesot hunn, hei géife Kanner privilégéiert ginn, déi sech et leeschte kënnen, an déi dote Schoul ze goen - datselwecht Argument, dat den Här Scheuer och opgegraff huet.

Do kënnt eben déi Confusioun hier, tëschent der International School an der Reconnaissance vum Bac. Déi zwou Diskussiounen - mengen ech - muss een trennen.

Een Argument, wat avancéiert ginn ass, ass dat vun deenen 13 respektiv 12 Schouljoren. Ech wëll lech soen, dass mer hei zu Lëtzebuerg jo keen Neiland mat deenen 12 Schouljore maachen! Mir hunn de franséische Schoulsystem mam Lycée Vauban, deen een och an 12 Joer mécht. Et kritt een e franséische Bac, an de franséische Bac muss hei zu Lëtzebuerg unerkannt ginn. Déi franséisch Schoul ass méi bëlleg wéi d'International School. Si kascht, dat ass richtig, mä si ass méi bëlleg.

Leit, déi iwwert d'Grenz ginn, beispillsweis op Arel, wou d'Scolarisation awer och net deier ass, maachen e belsche Bac, oder zu Thionville e franséische Bac, an dat

och an enger Dauer, déi manner laang ass. Och dat muss hei unerkannt ginn. Hei, beim Bac international géife mer soen, dass dat weinst der Durée net geet!

D'Fro ass vun zwee Riedner gestallt ginn, ob een net hei zu Lëtzebuerg iwwerleeë sollt, d'Dauer vun der Scolarisatioun vun 13 op 12 Joer erofzesetzen. Do muss ech ganz kloer soen, dass d'Regierung net op dee Wee geet. Mir hunn net zréckbehalen, dass mer d'Schoulzäit vun 13 op 12 Joer reduzéieren. Ech wollt dat nach eng Kéier hei bekräftegen, fir dass net hei zu Lëtzebuerg eng Diskussioun opkënnt iwwer Lieserbréiwer - mir wësse jo, wéi dat geet -, zwielef Joer oder 13 Joer.

Ech muss lech soen, déi Energie, déi dann do erageet, huet een net fir wichteg aner Educatiounsprojeten, mä d'Regierung huet hir Haltung do fixéiert a bleift bei deenen 13 Joer, wëssend dass ronderëm ons de Schoul-system anescht ass.

An Däitschland haten se déi Diskussioun elo verschärft an do ass et jo vu Bundesland zu Bundesland ënnerschiddlech. Do si Länner, déi hunn 13 Joer, et sinn anerer, déi hunn zwielef Joer. Dat huet zu fierchterleche Polemike geféiert. Esou eng Polemik féiert zu guer näischt, bréngt der Schoul näischt.

Hei huet d'Lëtzebuenger Regierung d'Décisioun geholl, dass mir bei deenen 13 Joer bleiwen.

Mir hunn also eng Partie Leit iwwert d'Unerkennung vum Bac international consultéiert. Déi eng, déi sinn ebe kategorisch dogéint, aus verschiddentlechen Ursachen. Si fäerten och, dass dat ass, fir de Premièresexamen och vläicht ze dévaloriséieren. Si gesinn et vläicht als Konkurrenz un. Ech muss lech soen: Konkurrenz a sech ass net schlecht, well et gëtt engem och eng Ouverture d'esprit fir ze kucken, wéi ee kann op aner Weeër goen. Dat wëllt awer net heeschen, datt ech esou wäit géing goe wéi den Här Garcia a soen, mir géingen elo de Premièresexamen änneren.

Zum Premièresexamen wollt ech och nach folgendes soen: Gerüchter ass eppes, wat relativ séier ronderëm geet. Et ass gesot ginn, dass dëst Joer de Premièresexamen ganz anescht géing gestalt ginn, an zwar wéint PISA - PISA muss ewell fir alles duerhalen - géinge ganz aner Questionnairen am Premièresexamen ausgeschafft ginn an et wär net méi den herkömmliche Programm.

Ech wëll hei dës Geleeënheet benotze fir ze soen, dass dat net esou ass. Mir hu Règlementer, op déi mer ons baséieren, an de Premièresexamen gëtt dëst Joer duerchgeféiert, wéi all déi aner Jore virdrun, mat där selwechter Matière, esou wéi se an de Programme fixéiert ass an no deem selwechte Modus. Dat eenzezt, wat geännert huet, an dat wëll ech hei nach eng Kéier rappeléieren: An der Regierungserklärung stoung, dass een eng zweet Sessioun kënnt maachen am Premièresexamen. Virausgesat, et huet een déi éischt gemaach an et ass een do duerchgefall. Dee Règlement grand-ducal ass geholl ginn,

an zwar de 6. Abrëll 2001 an ass fir dës Sessioun elo vum Premièresexamen applicabel. Dat heescht, dat ass jo dann d'lescht Schouljoer a Kraft getrueden, September 2001, sou dass déi Schüler, déi elo op Première sinn, déi am Premièresexamen am Juni duerchfalen, am September kënnen eng zweet Sessioun kréien. Do gëtt et e Règlement grand-ducal. Mir hunn och en Tiré à part gemaach an un all déi concernéiert verschéckt.

Dee Règlement grand-ducal ass vum 6. Abrëll 2001, dat ass scho laang hier. Ech wollt awer, dass d'Spillregele mat Zäite wirklech bekannt woren, duerfir wollt ech dat hei rappeléieren.

Ech wollt nach ee Wuert soen zum Avis vum Conseil d'Etat. De Conseil d'Etat hat verschidde Kriticken un deem Projet, deem ech eraginn hat. D'Kommissioun huet an hirer Stellungnahm deene Kriticke vum Conseil d'Etat Rechnung gedroen, en amendéierte Projet eraginn, deem dunn de Conseil d'Etat esou akzeptéiert huet.

Et sinn hei Diskussiounen gelaf, op déi ech elo schonn zum Deel agaange sinn a mengen Ausféierungen. Et sinn awer eng Rei Froen gestallt ginn, déi ech nach net beäntwert hunn. Et ass gefrot ginn: Kann am Moment eng öffentlech Lëtzebuenger Schoul de Bac international duerchféieren? Neen, dat geet opgrond vun deenen Texter, déi mer elo hunn, net, well d'Programme genee virgeschriwwen sinn. Dat kann een am Moment net maachen.

Kann eng privat Lëtzebuenger Schoul, déi subventionéiert gëtt iwwert d'privat Schoulgesetz, de Bac international duerchféieren? Jo, näischt hënnert se drun, mä da fällt se net méi ënnert d'Applikatioun vum jëtzege Gesetz iwwert d'Finanzéiere vun de Privatschoulen, well d'Voraussetzung, dass se iwwert dee Wee finanzéiert gëtt, ass, dass se d'Lëtzebuenger Programmen applizéiert, sou dass se dat dierfe maachen, awer dann dofir net subventionéiert gi vum Lëtzebuenger Stat.

Ech muss lech soen, dass déi ganz Diskussioun iwwert d'Privatschoulen, an do mierkt een, dat ass historesch gewuess, mir haten am Moment Schoulen - wéi déi konfessionnel Schoulen -, déi den öffentleche Lëtzebuenger Programm maachen, dann hu mer de Lycée technique Emile Metz, dee gëtt schonn erëm anescht gehandhaabt, obwuel en déi selwecht Base légale huet. Mä entretemps koumen eng ganz Partie Schoule bäi oder si parallel gewuess, wéi d'International School, wéi de Collège Vauban, wéi beispillsweis d'Waldorfschoul. Déi eng kréien d'Infrastrukture gestallt, déi aner net. Déi eng kréie Material gestallt, déi aner net. Fir déi d'selwecht ze traitéieren - dat steet och am Regierungsprogramm -, gëtt d'Gesetz iwwert d'Privatschoulen op de Métier geholl an ech wäert deemnächst de Conseil de Gouvernement do mat engem Projet befaassen, dee probéiert méi Uerdnung an dee System ze bréngen. Well am Moment ginn zum Beispill Privatschoule subventionéiert, kréien eng Partie Suen, ass eng répétéiert Ausgab, ouni dass awer eng Base légale do ass. Dat ass historesch och esou ge-

wuess ënnert de virechte Regierungen. Ech hat gemengt, dass et awer gutt wier, wa mer do géingen eng Base légale schafen, wat sécherlech nach zu ganz villen Diskussiounen och wäert féieren, Diskussiounen, deenen ech mech awer mat Sécherheet net wëll verschléissen.

Et ass och hei geschwat gi vun der Differenziatioun, déi ee muss maachen an onsem Schoulsystem, fir net Kanner ze pénaliséieren, déi net kënnen an international Schoule goen. Ech wëll lech soen, dass et, opgrond vun der Diskussioun, déi d'Chamber hei hat am November 2000 iwwert d'Integratioun vun Auslännekanner, bei mir am Ministère zu enger ganzer Rei vu Consultatiounen geféiert huet, mat de Schoulen dobaussen, fir där Motioun Rechnung ze droen an dass mer eng éischt an eng zweet Sprooch kréien an dass mer Formatiounen kréien an där enger oder där anerer Sprooch.

Ech hat d'Konklusiounen vun deenen Aarbechte virgeluegt kritt. Ech muss soen: Déi Konklusiounen, déi waren esou restriktiv, dass ech net konnt mat deenen d'accord sinn, well déi och net dem Wonsch vun der Chamber entsprechen. Wann ech déi Konklusiounen an e Règlement grand-ducal transforméiert hätt, dann hätt ee just nach kënne fir ganz restriktiv Fäll, déi haut iergendwéi op Lëtzebuerg kommen a sech an onsem Schoulsystem net zurecht fannen, déi hätten da vläicht muer esou eng Offre scolaire kennen...

(Interruption)

...gemaach kréien, "un régime linguistique particulier".

Mir hunn eng gesetzlech Basis, fir dat kënnen ze maachen, an zwar d'Gesetz vun 1990 vum Secondaire technique. Do ass och virgesinn, dass eng Kéier ee Règlement grand-ducal soll geholl ginn do driwwer. Dee Règlement grand-ducal ass awer bis haut net geholl an deen, deen ech an Ausaarbechtung hat, deen ass mir ze vill restriktiv gewiescht, an der Chamber och, dat entsprécht net dem Wonsch vun der Chamber. Dofir hunn ech deen nach eng Kéier duerchgekuckt, fir dass mer wierklech vill méi breetspueg mat verschiddene Régimes linguistiques particuliers kënne fueren, am Intérêt vun all de Kanner, an der öffentlecher Schoul, fir déi mer d'Responsabilitéit hunn. Deemnächst wäert ech de Conseil de Gouvernement och mat deem Règlement befaassen.

Ech wëll ofschléissend zu dëser Diskussioun soen, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et gëtt esou vill geschwat vun auslännesche Modellen. Et ass hei zum Beispill vun engem kanadesche Modell geschwat ginn, et ass vum Bac international geschwat ginn, eng Constatatioun, déi ech maachen: Jiddfereen, a sengem Schoulsystem, kuckt ëmmer bei den Noper, well e fënnt, dass säi Schoulsystem net gutt ass an dass et anzwousch anescht besser fonctionnéiert. A jiddfereen ass sech dann och eens, dass eppes muss änneren.

An all System ass et awer d'selwecht. Soubal eng Proposition kënnt, fir eppes ze änneren, kënnt et zu Allianzen, fir awer esou wéineg wéi méiglech ze änneren. Et muss anescht ginn, mä et wëllt keen, oder ganz vill Leit net, dass sech eppes ännert. Esou kënne mer net virufueren. Esou kann een natierlech net eng dynamesch Schoulentwécklung maachen, sou dass een a verschiddene Fäll no der Consultatioun da muss Décisiounen huelen. Dofir huet een eng politesch Responsabilitéit. Eng politesch Responsabilitéit, déi ech ganz gär assuméieren.

Ech géing awer d'Chamber nach eng Kéier bidden, deen hei Projet de loi ze stëmmen, well hei geet et ëm d'Plaz vu Lëtzebuerg, ëm d'international Unerkennung, an datt mer net hei op enger Insel sinn, wéi den Här Wiseler dat richteg gesot huet, mä dass mer hei müssen déi selwecht Kritäre gëlle loossen, wéi dat an deenen aneren Uniounsstaten ass.

Wat d'Motioun vum Här Garcia ubelaangt, ech mengen, do hunn ech schonn zum Deel virdrun drop geäntwert, dass ech net kënnt esou wäit goen a soen, dass mer elo géingen de Lëtzebuerger Bac ëmkrempelen. Dat Gesetz, wat ech déposéiert hunn iwwert d'Reform vum Cycle supérieur am Secondaire, da misst een dat nach eng Kéier modifiéieren.

Ech hoffen, dass mer dat Gesetz nach virum Summer gestëmmt kréien, fir dass den neie Régime op der Quatrième kann ulafen, an ech wëll net elo nach Modifikatiounen huelen. Well eppes ass an der Educatioun sécher, do ass all Délai dee spillt. Et muss ëmmer alles mam Stéichdatum vun der Rentrée scolaire ulafen, soss hutt Der erëm e Joer verluer an ech géing dee Projet net nach wëllen ophalen.

Dat ass eng vun den Ursachen, firwat ech der Chamber géing recommandéieren, déi Motioun net ze stëmmen.

Här President, ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4845 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen dann elo iwwert de virleiende Gesetzesprojet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint mat Neen, oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 41 Jo-, 10 Nee-Stëmme an 8 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Nico Loes), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Se sont abstenus: Mmes Mady Delvaux-Stehres et Lydie Err;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Ier mer elo weiderfueren huet den Här Paul-Henri Meyers nach d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

(Interruptions)

Une voix.- Mir hunn nach eng Motioun.

M. le Président.- Jo, dann huele mer d'Motioun nach vir.

Motion 1

Also, mir géingen dann elo nach fir d'éischt iwwert déi Motioun, déi elo ausgedeelt ginn ass an déi den Här Robert Garcia abruecht huet, ofstëmmen.

De Vote électronique ass verlaangt, da géinge mer also elektronesch driwwer ofstëmmen.

Vote

Déi fir déi Motioun si stëmme mat Jo, déi dergéint mat Neen, oder si enthalen sech.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 34 Neen-, 17 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di

Bartolomeo (par Mme Lydia Mutsch), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia et Jean Huss;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mir kéimen dann elo un den nächste Punkt, dat ass den Här Paul-Henri Meyers, deen eng Proposition de loi abréngt.

Dann hu mer den Här Zanussi, deen och nach gär eng Resolutioun abréngt.

5. Dépôt d'une proposition de loi

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, ech maachen hei den Dépôt vun enger Proposition de loi.

– *Proposition de révision de l'article 68 de la Constitution – N°4939*

Ech géif bieden, dass déi un d'Regierung an un de Conseil d'Etat weider gereecht gëtt an an enger vun deenen nächste Sitzungen dann och kann hei diskutéiert ginn.

M. le Président.- Ech huelen Akt vum Dépôt vun där Proposition de loi.

Den Här Zanussi huet d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Resolutioun. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

6. Dépôt d'une résolution par M. Marc Zanussi concernant les résultats de l'étude PISA

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt hei den Dépôt maache vun enger Resolutioun, déi d'Iddi vun engem jährleche Schoul-debat enthält an de Wonsch äusseren, dass mer an enger vun deenen nächste Sëtzungen heirobber kënnen zrëckkommen.